InFiNe
Inclusive Finance Network
Luxembourg

# Carte blanche RTL radio 11 Juli 2016

Michel Maquil, Président de InFiNe.lu

## Version luxembourgeoise

Fir d'Aféieren vun engem Kannerwahlrecht

No deem d'Resultater vum Referendum am Vereenegte Kinnécksräich bekannt gemaach gi sinn, gouf vill iwwer d'Ursaache vun dësem dach erstaunleche Resultat diskutéiert.

Et huet ganz vill Leit schockéiert dass déi jonk Leit massif géint de Brexit gestëmmt hunn. Esou hunn méi wéi 2/3 vun deenen Wieler, déi manner wéi 35 Joër all sin, fir de Verbleif an der EU gestëmmt. Si goufen allerdéngs vun deene Wieler déi méi al sinn iwwerstëmmt.

Elo ass et awer esou dass grad déi jonk Generatioune mat Sécherheet vun de laangfristegen Folgen vun dem Brexit leide werten, wat fir eeler Wieler vill manner de Fall wert sinn. Dat ass eng Konsequenz déi sech logescherweis aus dem Ëmstand ergëtt datt Bevëlkerunge méi al gin. An effektif läit den Duerchschnëttsalter vun de Wieler an eise Länner weit iwwer 50 Joër an deen Alter steigt regelmässeg weider. Besonnesch déi europäesch Länner déi eng niddreg Gebuertenzuel hunn, leiden staark ënnert dëser Evolutioun.

Hei zu Lëtzebuerg ass Wuel versicht ginn de Wahlalter op 16 Joër erofzesetzen. Dat wir zwar ee Schrëtt an déi richteg Richtung gewiecht, mä et hätt héichstens eng Drëpps Waasser op ee waarme Steen duergestallt. Fir deen Trend an eiser Gesellschaft ze briechen misst ee scho vill méi radikal Mesuren ergreifen.

An däer Hisiicht huet déi liberal schwäizer Denkfabrik, Avenir Suisse sech kierzlech agesat dass an eisen Demokratieën ee Kannerstëmmrecht soll agefouert ginn. Dat Stëmmrecht soll awer bis zur Groussjähregkeet ausgeübt ginn vun den Elteren oder vun de Kanner hiere gesetzleche Vertrieder. Avenir Suisse geet dervun aus dass Leit mat Kanner sech spontan a logescherweis méi u laangfristegen Ziiler orientéieren wéi méi al Leit ouni Kanner.

Gewielte Politiker si bal instinktif drop aus fir d'Interêtën vun der Majoritéit vun hiere Wieler prioritär ze verdeedegen an dat sinn eben an eiser Gesellschaft virun allem kuerzfristeg Ziler an d'Verdeedegung vun de famosen droits acquis.

Wa mer wëllen Europa aus der ablécklecher Kris erausbréngen da muss ee couragéiert Mesuren huelen déi weit iwwer grouss Paroulen eraus ginn. D'Stëmmrecht ze änneren an deem een ee Kannerstëmmrecht aféiert wir ouni Zweifel eng ganz radikal Moossnahm déi awer eisen demokratesche Systeem net a Fro géif stellen.

Et gëtt sécher och nach aner Weeër an hei sinn all Denkfabrike gefuedert hier Beiträg ze maachen. Eis Politiker, eis Gewerkschaftler an eis Dirigeant'en aus der Wirtschaft si gefuedert sech mat dësen Denkustéiss auserneen ze setzen an et och ze woen méi radikal Schrëtt ze huelen. D'Probleemer vun der europäescher Unioun si keng Fatalitéit mä si si léisbar, et verlaangt awer staark Politiker mat vill Courage a virun allem Weitsiicht fir se ze iwwerwannen.

http://www.avenir-suisse.ch/fr/58421/la-suisse-sur-la-voie-de-la-gerontocratie/